N° 8319
Entrée le 15.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 18.09.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/09/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Laut eisen Informatiounen gëtt et schonn erëm eng Rupture de Stock beim medezinesche Cannabis. Nëmme Cannabis-Ueleger wieren am Moment nach ze kréien. Eisen Informatiounen no, soll dann och d'Aart vum Produit, deen de Patienten gi gëtt, geännert ginn: vun Tilray op SchrollMedical.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat gëtt dëse Wiessel gemaach?
2. Firwat gouf net séchergestallt, dass et bei dësem Wiessel net zu engem Enkpass u Cannabis kënnt?
3. Firwat gëtt de Faarfcode Rout/Blo/Giel erëm agefouert, nodeems e mam neie Fournisseur ofgeschaaft ginn war?
4. Wéini wäerten déi 3 Zorten erëm disponibel sinn?
5. Wéi vill bléift tëschenzäitlech un Ueleg?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N° 8319
Entrée le 18.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8319 vum 15. September 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Firwat gëtt dëse Wiessel gemaach?*

De Kontrakt mat Tilray als Cannabis-Fournisseur ass den 03.08.2023 op en Enn komm. Am Mee 2023 gouf dowéinst e néien *Appel d'Offres* lancéiert fir de Cannabis-Marché. Dëse gouf vu Schroll Medical gewonnen.
Dowéinst den aktuelle Wiessel vun den Tilray op Schroll Medical Cannabisbléien.

*2. Firwat gouf net séchergestallt, dass et bei dësem Wiessel net zu engem Enkpass u Cannabis kënnt?*

Et gouf probéiert fir de Mount Juli eng gréisser Bestellung Cannabisbléien ze bestellen, fir dës Iwwergangsphase tëscht deenen 2 Fournisseuren z'iwwerbrécken. Allerdéngs ass en Deel vun där Bestellung net ukomm, an dee néie Cannabis-Fournisseur brauch och e bësse bis dass genuch Cannabisbléien fir de Lëtzebuergesche Marché produzéiert sinn.

*3. Firwat gëtt de Faarfcode Rout/Blo/Giel erëm agefouert, nodeems e mam neie Fournisseur ofgeschaaft ginn war?*

De Faarfcode Rout/Blo/Giel gouf mat Tilray net „ofgeschaaft", mee dëst Optioun war mat Tilray net méiglech. Schroll Medical proposéiert ganz personaliséiert Verpackungen; fir de Gebrauch vun deene verschiddene Referenzen sou erkennbar a sécher wéi méiglech ze maache fir den Apdikter an de Patient, gouf d'Optioun vum Faarfcode Rout/Blo/Giel mat deene néie Produit'e vu Schroll Medical erëm opgegraff.

*4. Wéini wäerten déi 3 Zorten erëm disponibel sinn?*

Rout: THC18% Bléie → Säit dem 19.09.2023

Blo : THC/CBD Bléie → nach keen offiziellen Datum (geplangt fir November 2023)

Giel : CBD18% Bléie → ab Enn Oktober 2023

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

*5. Wéi vill bléift tëschenzäitlech un Ueleg?*

Stock u Cannabis-Ueleg: (Stand: 18.09.2023)
Tilray THC10/CBD10, 25ml → 140 Fläsche
Tilray THC5/CBD20, 25ml → 76 Fläsche

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert